Fir en Europa vun den Natiounen!

Den ADR Walprogramm fir d'Europawalen vum 26. Mee 2019 an der Zësummefaassung

D'ADR ass fir

- en Europa vun de souveränen Natiounen
- de Prinzip vun der Eestëmmegkeet bei alle wichtege Froen; besonnesch bei der Steier- a Baussepolitik;
- eng Unerkënnung vu Lëtzebuergesch als offiziell Sprooch an Europa,
- e Bannemaart an eng Währungsunioun déi net zu enger Transferunioun féiert;
- de Respekt vun de Maastricht – Critèren fir den Euro;
- déi national Kompetenz a Steierfroen a géint europäesch Steieren;
- en däitlechen Ausbau vun de soziale Standarden an Europa
- de Schutz vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, besonnesch och nom Brexit;
- Meenungsfräiheet an e fräien Internet ouni Zensur oder technesch Filteren;
- Europa als Rechtsraum, an dem d'Mënscherechter an d'Demokratie respektéiert ginn;
- déi exklusiv national Zoustännegkeet an alle gesellschafts- a familljepolitesche Froen;
- oppe Bannegrenzen a sécher Baussegrenzen mat engem effektive Grenzschutz
- eng exklusiv national Kompetenz bei Asylfroen,
- d'Ennersichung vun Asyldemanden baussent dem Territoire vun der Europäescher Unioun;
- eng séier Réckféierung vun alle Leit déi kee Recht op Asyl hunn, oder wou d'Situatioun an hiren Hierkonsftslänner sech gebessert huet, konform zum internationale Recht;
- e fräie Persounenverkéier ouni Sozialtourismus oder Mëssbrauch;
- eng Europäesch Unioun ouni Tierkei;
- eng Zësummenaarbecht a Sécherheetsfroen woubäi eng europäesch Arméi net néideg ass;
- gutt Relatiounen mat Amerika awer och mat Russland
- manner Bürokratie fir d'Baueren an d'Wënzer an der europäescher Agrarpolitik;
- en decidéierten Emwelt- a Klimaschutz awer ouni Ideologie;
- e staarken an engagéierten Déiereschutz